Pressematdeelung

Lëtzebuerg, den 9. September 2020

D’Rentrée beim radio 100,7 - Radio fir Iech

De radio 100,7 begleet de ganzen Dag

De 14. September start de radio 100,7 a seng 27. Saison, mat engem Programm, deen nach besser op Iech zougeschnidden ass. Mat engem héije Qualitéitsusproch, deen eenzegaarteg zu Lëtzebuerg ass, mat Noriichten, déi an d’Déift ginn a gutt recherchéierten Hannergrondinformatiounen. Den 100,7 ass dee Radio, bei deem et zu all Moment eppes ze entdecke gëtt.

De radio 100,7 informéiert an erkläert d’Hannergrënn

Tëschent 07:00 an 09:00 gitt Dir net nëmme gewuer, wat lass ass, mee firwat et esou ass: Noriichten vun heiheem an dobaussen. Dat selwecht gëllt vun 12:00-13:00 a vu 17:00-18:00.

De grousse Rendez-vous mat der Aktualitéit an deenen, déi se maachen, de **Riicht eraus**, kënnt zeréck op seng al Plaz um Samschdeg Mëtteg. Vun 12:00 u gëtt eng Stonn mat engem oder méi Acteuren aus der Politik, der Ekonomie, Kultur oder dem Gesellschaftsliewen iwwer de Fong vun de Sujeten diskutéiert.

Den **Invité vum Dag** ass weiderhin all Dag um hallwer 8 am Studio a steet de Journaliste Ried an Äntwert iwwer dat, wat grad am Land am Gespréich ass, oder et geschwë gëtt.

All Dag am Programm: **Europa Aktuell**, iwwer d’Kulisse vun der EU, géint 7:20 an **Aktuelles,** de Rendez-vous mat den 100,7-Korrespondenten aus der ganzer Welt um 12:15.

Ënnerhale mat engem usprochsvolle Programm

Nieft den Zäiten, wou d’Informatioun am Vierdergrond steet, gëtt e qualitativ héichwäertege Programm mat Decouverten ugebueden: Reportagen iwwer dat gesellschaftlecht Liewen, Lëtzebuerger Kuriositéiten; Interviewen oder Presentatioune vu Kënschtler a Museker; d’Kinosaktualitéit; Rotschléi fir eng gesond Ernärung, an aner relevant Sujeten.

An der neier Emissioun **Am Gespréich,** vu méindes bis freides géint 12:40, gëtt enger Perséinlechkeet am labbere Gespréich op den Zant gefillt.

Freides vun 18:00-20:00 kuckt d’Emissioun an englescher Sprooch **Connecting**, wat déi auslännesch engleschsproocheg Communautéiten hei zu Lëtzebuerg beweegt. Eng Emissioun, déi den Usproch huet, d’Leit, déi hei am Land wunnen, méi no zesummenzebréngen.

De radio 100,7 spillt Är Musek an iwwerrascht Iech

Musek ass e festen Deel vum 100,7 senger Identitéit. Queesch duerch de Programm ginn et Reportagen, Interviewen a Virstellungen iwwer a vu Museker an hire Wierker, nieft enger dem Moment vum Dag ugepasster Museksprogrammatioun.

Den Owesprogramm zeechent sech weiderhin aus duerch eng grouss Diversitéit vu Museksgenren, vu Klassik bis Hard Rock iwwer Elektro, Jazz, Rock, Soul oder World ...

Tockcity heescht déi nei Museksemissioun mat de leschte Releasen: de Mike Tock garantéiert vu méindes bis donneschdes vun 18:00-20:00 dee richtege Start an den Owend.

De **Soul** kritt seng eegen Emissioun: **Mat Groove a Séil**, samschdes um 19 Auer, mam Rico Querin. Duerno **elektronesch Musek**: um 21:00 Dance Beats mam Cleveland senger neier Emissioun **Palatino FM**, an um 22:00 de Richard Heinemann mat méi experimentellen elektronesche Kläng am **E-Lodie**.

A wann **Al Schanken** richteg lassleeën, da rockt et: de Mike Tock an de Fred Medernach loossen et all Freideg um 21:00 rabbelen.

Am selwechte Rhythmus mécht och déi klassesch Musek sech am Programm breet. Nieft dem deegleche Rendez-vous **Resonanzen** (méindes bis freides vu 14:00-15:00) sinn et méindes, mëttwochs a sonndes um 20:00 Opnamen oder Live-Concerte vu groussen Orchesteren aus Lëtzebuerg oder vun der UER, dem Zesummeschloss vun den europäeschen ëffentlech-rechtleche Radiosenderen.

De radio 100,7 héiert, léiert a lauschtert mat de Kanner

HéLéLa heescht de Rendez-vous fir Kanner a Jugendlecher tëschent 8 an 12 Joer samschdes um 13:00: Experimenter, wëssenschaftlech Decouverten, Noriichten, Lauschterstécker a Geschichten ...

De radio 100,7 ass och de Weekend fir Iech do

De **Samschdeg Mueren** ass gutt gefëllt mat Nouvellen, Reportagen, Kultur an Hannergrënn an um 11 Auer der Kinosaktualitéit am **Grousse Kino** mat den 100,7-Filmkritiker.

Vun 12:00-13:00 dann de grousse politesche Rendez-vous vun der Woch **Riicht eraus**.

De **Samschdeg Nomëtteg** steet ganz am Zeeche vum Pop a Rock, mat enger Live-Emissioun vu 14:00-18:00: Reportagen, Interviewen an der nationaler an internationaler Museksaktualitéit.

Sonndes mueres gëtt sech Zäit geholl: Philosophie, Geschicht, Wëssenschaft a Kultur stinn hei am Mëttelpunkt, mat engem eklektesche Programm, wou fir jiddwereen eppes dobäi ass.

Nei um Sonndeg ass de **Panorama** schonn um 09:00, an Noriichten vun 08:00 un zu all voller Stonn.

Klassesch Musek ass da vun 11:00-14:00 virgesinn, mat Invitéen, Matschnëtter vu Live-Concerten an och Live-Iwwerdrounge vu Saarbrécken.

Vu 15:00 u geet et weider mat Jazz a Swing: den **New Cotton Club** transportéiert Iech gemittlech duerch de Sonndeg Nomëtteg.

De geneeë Programm fannt Dir op www.100komma7.lu an an der 100,7-App.

Informatiounen zum radio 100,7

radio 100,7 ass deen eenzegen ëffentlech-rechtleche Radio zu Lëtzebuerg.

Schwéierpunkt vum 24-Stonneprogramm ass d'Aktualitéit, d'Iwwerdroe vu Kultur- a Musekssendungen, souwéi d'Diffusioun vun Ënnerhalungsprogrammer.

radio 100,7 ass Partner vu ville kulturelle Manifestatiounen zu Lëtzebuerg a privilegéierte Partner vun der Philharmonie.

radio 100,7 ass zanter 1997 Member vun der European Broadcasting Union/Union Européenne de Radio-Télévision (EBU/UER).

radio 100,7 kann op der Frequenz 100,7 MHz an 95,9 MHz am Norde vum Land, iwwer vill Kabelnetzer, souwéi och als Live-Stream a Podcast op www.100komma7.lu gelauschtert ginn.